Huel un engem weideren vun eisen traditionnellen Naturwëssenschaftsnomëtteger deel:

**4. Februar 2020**
vun 13:15 h (Accueil) bis 16.15 h

**13. Februar 2020**
vun 13:15 h (Accueil) bis 16.15 h

## Weider Informatiounen

- an dësem Flyer
- http://science.ljbm.lu
- /scienceforkidsLJBM/
- science@ljbm.lu

## Umeldung

Wéinst deem grousse Succès, dee mir déi lescht Joren haten, gi mir deene Kanner Prioritéit, déi eis Schoul wëlle kenne léieren, fir duerno vläicht op 7e bei eis an de Lycée ze kommen.

Detailer dozou fënns du op eisem Internetsite.

Wanns du wëlls derbäi sinn, **mell dech** w.e.g. iwwert eisen Internetsite **un**:

http://science.ljbm.lu/inscription

Science for Kids ass e Projet vum

Lycée Josy Barthel Mamer



Du bass am Cycle 4 vun der Grondschoul a wiels geschwënn, a wéi e Lycée dass du geess.

**«Science for Kids», eise Science-Nomëtteg bitt dir d'Geleeënheet de Lycée Josy Barthel zu Mamer, seng Proffen a seng Schüler kennen ze léieren.**

Zesumme wäerte mir an eise Science-Fächer

**Physik** | **Chimie** | **Biologie**

an enger sympathescher Atmosphär experimentéieren, an dobäi vill Spannendes entdecken an erliewen.

Fir déi interesséiert Eltere bitt eisen Direkter eng Visite guidée vun der Schoul un (ronn 1 Stonn, am Ufank vum Mëtteg).





## Physik

### Einfach Maschinnen

An der Physik léiere mir einfach Maschinne kennen, déi et schonn eise Virfaren viru ville Joërhonnerten erlaabt hunn, schwéier Saachen ze hiewen oder ze transportéieren.

Op e puer Statioune méchs du Experimenter, fir d'Geheimnisser vun dëse Maschinne kennen ze léieren.

E Modell vun engem Fläschenzuch fir selwer zesummen ze bauen kriss du zum Schluss mat heem.



## Chimie

### Spektakulär Reaktiounen

Mir wäerten flott an zimlech spektakulär chemesch Reaktioune kenne léieren.

An Experimenter, déi s du selwer méchs, wäerts du faarweg Flamen, kënschtlecht Filmblutt, Eegenschafte vu verschiddene Gasen, an nach villes aneres kenne léieren.

Ausserdeem dierfs du eng Fläsch versëlweren, déi s du och mat heem huelen däerfs.



## Biologie

### Bionik – vun der Natur ofgekuckt

D'Natur stécht voller Wonner – a vill dovun huet d'Technik iwwerholl fir eist alldeeglecht Liewen ze vereinfachen.

Entdeck mat eis, wat mir vun der Natur ofgekuckt hunn, fir keng Fënstere méi wäschen ze mussen, mat manner Kerosin fléien ze kënnen oder méi grouss Brécke bauen ze kënnen.